



## **Naturschoul Lasauvage - Newsletter 10.2019**

### **1. D'Rollénger Millen prett fir Déifferdenger Klassen**

Dëst Joer waren dei éischt Déifferdenger Pilot-Klassen mat eis op der Millen an hunn do di verschidden Zorte Fruucht vum Feld kennegeleiert, vun der Hirse bis bei de Weess. Dunn hu mer Bréidecher gebak a giess. Geléiert hu mer natierlech och, wéi déi Waassermille funktionnéiert an hunn d'Maschine laafe gelooss. Lo hoffe mer, dass sech och 19-20 eng Rei Klasse bei eis melle fir matzeman.

D'Ateliere riichte sech un den Uewergrad.

<https://www.naturschoul.lu/dmillen-an-dkaren-an-denergie/>

### **2. Waassergaart huet „Betrib“ opgeholl**

Och hei hate mer Pilot-Klassen op Zowaasch komme gelooss wou mer zesummen mat de Kollege vun der Technischoul „technesch Waasservirrichtungen“ gebaut hunn an dei och am Waassergaart getest hunn.

<https://www.naturschoul.lu/de-waassergaart-op-der-zowaasch/>

### **3. Nei Iddie fir de Goart**

Och wann eis Goardenaktivitéite vill Succès hunn, bedauere mer ëmmer, dass bis lo d'Klass ni d'Suite vun hirer Oarbecht konnte gesinn, sou wéi dat an engem Schoulgoart eigentlech sollt sinn. Mä proposéieren- nieft der eemoleger Visitt, di méiglech bleift- dass di eng oder aner Klass e puermol iwwert d'Joer verdeelt an de Goart kënnt an fir hiert eegent Stéck do responsabel gëtt. E kleng Aféierung kéinnt am Schoulsall vun eis gemaach ginn an et kéinten dann och Saachen am Kllassesall ugeplant a gepflegt ginn, éier se op Zowaasch an de Gaart géinge gesat ginn.

Mä wollten do mol mat Klassen aus dem Cycle 3.2 bis 4.2 ufänken.

Ween dorunner interesséiert wier w.e.g. mellen op [nature.lasauvage@ecole.lu](mailto:nature.lasauvage@ecole.lu)

### **4. Joresrapport Naturschoul 2018-2019**

De Rapport fir 2018-2019 vun der Naturschoul gouf iwwert d'Présidente verschéckt an ass och op eisem Site [www.naturschoul.lu](http://www.naturschoul.lu) ze fannen.

<https://www.naturschoul.lu/wp-content/uploads/2015/10/Rapport-Naturschoul-2018-2019-vers.-déf..pdf>

## 5. Umeldungen an der Naturschoul

Denkt drun, iech unzemelle fir an d'Naturschoul ze kommen. Mir hu scho ganz vill Umeldunge kritt. Et gëllt och nach ëmmer: Dei Klassen, dei sech och fir mëttes umellen 13:30- 16:30 hu méi Chance fir méi oft un d'Rei ze kommen.

Wann der Virschléi an nei Iddie fir Unitéiten hutt oder Dokumentatiounen zu engem Thema braucht, zéckt net, fir Kontakt mat eis opzehuelen.

[nature.lasauvage@ecole.lu](mailto:nature.lasauvage@ecole.lu)



Déi ganz Equipp vun der Naturschoul Lasauvage  
Marc, Georges, Laurent a Roby